

Resolutioun vun den ADR Fraen

iwwer d'Prostitutioun

D'ADR Fraen huelen zur Kenntnis, datt a leschter Zäit zu Lëtzebuerg nees d'Fuerderung, dee sougenannte « Schwedesche Modell» am Beräich vun der Prostitutioun anzeféieren, erhuewe gëtt. Dat wor och nees de Fall op enger Konferenz, déi de "Conseil national des femmes", den 13. Januar 2016 zu dem Thema organiséiert hat.

D'ADR Frae wëllen dowéinst hir Positioun zu dem Thema kloerstellen an d'ADR dozou opruffen, si dobäi ze ënnerstëtzen.

D'ADR Fraen erënneren fir d'éischt un d'Positioun vun der Partei aus dem Walprogramm vun 2013 :

„Die Prostitution wird vollständig legalisiert und als steuer- und sozialversicherungspflichtiges Gewerbe voll anerkannt. Die Rechte und Pflichten der Prostituierten und ihrer Kunden werden gesetzlich geregelt. Eine Kriminalisierung und Bestrafung der Freier („schwedisches Modell“) kommt für die ADR nicht in Frage. Gleichzeitig werden die Maßnahmen gegen den Menschenhandel, gegen die Ausbeutung minderjähriger Prostituiertes, gegen die Beschaffungsprostitution sowie die Zwangsprostitution verschärft. Die gesetzlichen Bestimmungen über die Zuhälterei werden geändert um auch den Prostituierten ein normales Familienleben zu ermöglichen.

Prostituierte, die eine andere Beschäftigung wählen möchten, können mit staatlicher Unterstützung rechnen.“

Opgrund vun deenen Elementer huelen d'ADR Fraen dës RESOLUTIION

De Kongress vun den ADR Fraen vum 20. Februar 2016 zu Lëtzebuerg huet decidéiert:

1. D'ADR Fraen schwätzen sech ausdrécklech **géint de „Schwedesche Modell“** an der Prostitutioun aus an dat ënner anerem op Grond vu folgenden Iwwerleeungen:
 - De „Schwedesche Modell“ féiert dozou, datt d'Prostitutioun nach méi an d'Clandestinitéit gedréckt gëtt. Dëst huet gravéierend Nodeeler fir déi Prostituéiert, déi net méi esou liicht vu Polizisten a Sozialarbechter kënnen erreicht ginn an doduerch riskéieren, méi dacks exploitéiert ze ginn an esouguer a geféierlech Situatiounen ze geroden. De „Schwedesche Modell“ kann och den illegale Mënschenhandel begëschtegen.
 - Et soll kee sozialt a gesellschaftlecht Stigmatiséieren vum Client stattfannen.
 - Et ass kaum sënnavoll, e Modell ze favoriséieren, deen zwar de Prostituéierten et erlaabt, hir Servicer ze offréieren, mee de Client bestrooft, wann ee wëll d'Prostitutioun als gesellschaftleche Phänomen bekämpfen. D'Verbidden vun der Prostitutioun an där enger oder anerer Form riskéiert zwar besonnesch unerwünschte Formen vu Prostitutioun wéi Zwangsprostitutioun oder d'Exploitatioun vu Prostituéierten duerch Proxenetismus nach ze favoriséieren, mee et gëtt kee Beweis, datt d'Prostitutioun insgesamt duerch de „Schwedesche Modell“ géing verschwannen.

- De “Schwedische Modell” ass e staatlechen Agrëff an d’Fräiheet vun de Mënschen deen, esou laang Prostitutioun fräiwëlleg ënner awëllegenden Erwuessene geschitt, net ze justifiéieren ass.

Der Meinung vun den ADR Fraen no, schafft de “Schwedische Modell” also méi Problemer, wéi en der léist.

2. D’ADR Fraen wëllen **géint déi Problemer am Beräich vun der Prostitutioun agéieren**, amplaz neier ze schafen.
 - Amplaz d’Prostitutioun an d’Illegalitéit ze drécken, soll déi fräiwëlleg Prostitutioun als Handelsaktivitéit legaliséiert ginn. Dat bedéngt e legale Kader, den alle Spezifitéiten vun där Aktivitéit Rechnung dréit.
 - Parallel dozou solle Moossnahmen geholl ginn, déi dem Mënschenhandel an der Zwangsprostituatioun entgéint wierken. D’Police and’Justiz sollen dofir déi néideg rechtlech a personell Moyennë kréien.
 - D’ADR Fraen wëlle besonnesch och deene Mënschen an der Prostitutioun hëllefen, déi Hëllef an Ënnerstëtzung brauchen. Dat si virun allem déi drogenofhängeg Prostituéiert.
 - D’Prostitutioun muss der sozialer Versécherung an de Steieren ënnerworfen ginn. Esou gëtt sécher gestallt, datt déi Mënschen, déi an der Prostitutioun schaffen, krankeversécherert sinn an en Usproch op eng Pensioun hunn. Besonnesch wichteg ass et, deene sech prostituéierende Mënschen den Zougank zu enger Krankeversécherung ze erméiglechen. D’Legaliséierung an d’Unerkennung vun der Prostitutioun als gewerblech Aktivitéit erméiglecht e verstärkten *contrôle médical* an eng entspreichend *prise en charge médicale, sociale a psychologique* am Fall vu Problemer.
3. D’ADR Fraen schwätzen sech ausdrécklech **géint d’Exploitatioun vun der Prostitutioun an de Proxenitismus** aus.
 - Dobäi muss awer opgepasst ginn, datt déi Leit, déi an der Prostitutioun schaffen, och d’Méiglechkeet op eng Partnerschaft an e Familljeliewen hunn, ouni datt de Partner oder d’Partnerin automatesch als Zouhälter consideréiert gëtt.
 - Et muss och e rechtliche Kader fir déi Propriétaire fonnt ginn, déi eng Wunneng un eng Persoun verlounen, déi sech prostituéiert. Och si kënnen net automatesch verdächtegt ginn, Zouhälter ze sinn.
 - Wichteg ass et, ze verhënneren, datt e schwéier kontrolléierbare Prostitutiounstourismus entsteet, wou auslännesch Prostituéiert owes op Lëtzebuerg gefuer kommen fir e puer Stonnen drop nees zrëck an d’Ausland ze fueren. Dat legalt Ausüben vun der Prostitutioun zu Lëtzebuerg bedéngt och eng korrekt Umellung an d’Respektéieren vun alle gesetzleche Konditiounen.

4. D'ADR Fraen betounen **d'Wichtigkeet vun der Sozialarbecht** mat de Prostituéierten.

- Eng Persoun, déi aus der Prostitutioun wëll erausklammen, soll dobäi ënnerstëtzt ginn. Dat heescht och, datt de Staat, wann néideg, soll deene Leit dobäi hëllefen, eng Berufsausbildung nozehuelen.
- De Staat soll och dobäi hëllefen, de Prostituéierten an hire Clienten e séchert a gewaltfräi Ëmfeld ze bidden.
- D'ADR Fraen fuerderen, datt Leit a Precaritéit déi dem Risiko vun der Prostitutioun aus finanzieller Nout eraus ausgesat sinn, präventiv gehollef kréien.

Ofschléissend wëllen d'ADR Fraen nach betounen, datt den Thema vun der Prostitutioun net soll geschlechtsspezifesch diskutéiert ginn. Et gëtt souwuel weiblech wéi männlech, wéi och trans-Prostituéierter. An et gëtt och weiblech a männlech Clienten vun der Prostitutioun an all hire Formen. Prostitutioun besteet och net nëmmen als Stroossestréch, mee och z.B. ënner der Form vun Escort-Déngschter. Et ass dofir wichtig, differenziéiert ze argumentéieren an net a Viruerteeler ze verfalen.

D'ADR Fraen deelen déi Meenung net, no där Prostitutioun ni kéint e fräiwëllegen Akt sinn. Dëst ass eng reng ideologesch Analys, déi den Aussoen vu ganz ville Mënschen an där Aktivitéit op eng eklatant Manéier widdersprécht.

D'ADR Fraen halen et fir ganz wichtig, net nëmmen iwwer d'Prostitutioun ze schwätzen, mee och mat deene Prostituéierten. Dat ass en Zeeche vum mënschleche Respekt, an d'Meenung vun deene betroune Mënschen ass ëmmer och e wichtige Facteur an der politescher Meenungsbildung.

D'ADR Fraen sinn och der Meenung, datt Lëtzebuerg a kenger Weis gezwongen ass, iergend en auslännesche Modell hei zu Lëtzebuerg anzeféieren, mee datt eist Land a voller Souveränitéit kann decidéieren, wéi et mat der Prostitutioun well ëmgoen.